pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

2026.72408.SECR – E. Referenz

Péiteng, den 29. Juli 2026

**Betreff: Är Froe vum 29. Juni 2026**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Nadine Schreiner - Tel.: 50 12 51 - 2011)

Här Chris Bernard,

An Ärem Bréif vum 24. Juni 2026, deen der Gemengeverwaltung den 29. Juni 2026 per Email zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot follgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Baséierend op de Fait, dat Conseiller aus der Majoritéit an den leschten zwou Gemengesëtzungen Rubrique "Communications du collège des bourgmestre et échevins" genotzt hunn, fir d'Arbeschten respektiv e Resuméë vu den Aktivitéiten virgedroen, schéngt et wichteg, datt all Conseiller Zougang zu de selwechten Informatioune kritt.*

*Baséierend op d'Modificatioune vum Projet de loi 821 SA vum 10. Juni 2026, deen d'Transparenz an d'Publizitéit vun den Debatten am Gemengerot stärke soll, erschéngt et konsequent, datt schrëftlech Dokumenter, déi als Basis vun enger Kommunikatioun am Gemengerot déngen, och den anere Conseillère virgeluecht gi.*

*Déi zoustänneg Chamberskommissioun verweist explizitt op d'Transparenz demokratescher Debatten an op d'Publikatioun vun Informatiounen, fir eng informéiert Ausübung vum Mandat fir d'Conseilleren zeerméiglechen.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:*

1. *Ass de Schäfferot bereet, wann e Conseiller am Kader vum Punkt "Communication du collège des bourgmestre er échevins" eng schrëftlech Presentatioun, en Text oder aner Dokumenter benotzt, dess Dokumenter dem ganze Gemengerot zur Verfügung ze stellen, fir eng transparent an informéiert Ausübung vum Mandat fir all Conseiller ze garantéieren?*

   *Falls nee, op wéi enger gesetzlecher oder reglementarescher Grondlag gëtt dëst Weiderginn vun Informatiounen refuséiert?*

pétange
MOTIVATION COMMUNE

2. *Nodeems ech schonn an der Sëtzung vum 22.06.2026 gefrot hat, awer keng konkret Aentwert krut, froen ech de Schäfferot op wéi engem Artikel vum "Règlement d'ordre Intéreieur" (ROI) vun der Gemeng Péiteng d'Benotzung vunn der Rubrik "Communication du collège des bourgmestre et échevins" duerch eenzel Conseilleren aus der Majoritéit baséiert.*

   *Kann de Schäfferot de genëen Artikel nennen an erklären, wéi dësen Artikel am Kontext vun de Presentatiounen aus de lëschte Gemengerotssëtzungen interpretéiert gëtt? (den ROI ass vum 27. November 2023, an steet am Widdersproch zur Ausso déi an der Séance vum 22.Juni 2026 gemaach ginn ass)*

3. *Ass et méiglech, d'schrëftlech Ennerlagen vun den zwee Conseilleren ze kréien, déi den 19. Mee an den 22. Juni 2026 jeweils an der Rubrik "Communication du collège des bourgmestre et échevins"?*

   *Falls nee, op wéi enger gesetzlecher oder reglementarescher Grondlag gëtt dës Weiderginn vun Informatiounen refuséiert?*

4. *Mussen Gemengeconseilleren, wéi et och den Artikel 13 am Gemengereglement virgeséit, 3 Deeg virun dem Gemengerot säin Text fir de Punkte "Communications du collège des bourgmestre et échevins" erareeschen? Falls dëst zoutrefft, dann ass dësen ee Punkt vum Ordre du jour wou och d'Froestellung während der Séance vun aner Conseillerë erlaabt si.*

*Mat Respekt,*
*Chris Bernard*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Den Artikel 13 vum Gemengegesetz bezitt sech op d'Ufro vun engem Conseiller, en zousätzleche Punkt op den Ordre du jour vum Gemengerot sëtzen ze loossen. Dëst ass hei aus zwee Grënn net de Fall.

Et huet sech éischtens net em en neie Punkt gehandelt, deen op den Ordre du jour gesat sollt ginn, mee em Präsentatiounen déi, wéi Dir richteg sot, am Kader vum Punkt "Communications du collège des bourgmestre et échevins" gemaach goufen. Dëse Punkt stoung schonn um Ordre du jour, wou d'Convocatioun 5 Deeg virun der Sëtzung un d'Gemengeconseillere verdeelt gouf.

Dës Weideren hunn d'Interventioune vun der Mme Birtz a vum Här Arendt net am Kader vun hirem Mandat als Gemengeconseiller stattfonnt, mee als Delegéierter vum ORT Sud a vum Minettkompost. Et huet sech heibäi em Informatioune gehandelt, déi de Schäfferot iwwert dës Delegéierter mam Gemengerot deele wollt.

D'Weidergi vun Dokumenter vun dësen zwee Intervenanten an hirer Funktioun als Delegéierter ass weder vum ROI nach vum Gemengegesetz gereegelt. De Schäfferot huet dës Dokumenter net an et handelt sech dës Weideren em de Besëtz vun dësen Intervenanten. Et steet Iech awer fräi, Dokumenter oder Informatiounen direkt bei dëse Persounen unzefroen.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 1 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi sur rendez-vous jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118